Donneschden, den 22. Juli 2010

MMX-trablat

N°1

Offiziell Campzeitung vum Nationalen AvEx Summercamp

21.-31. Juli 2010 zu Stengefort

Arrivée, endlech ass et esou weit...

Elo ass et endlech esou weit, den Camp geet lass an déi éischt Gruppen sinn mam Zuch zu Kléngbetten unkomm. Vun do aus sinn si mam Bus op d'Campplaz gefouert ginn wou si no enger Gruppenfoto direkt an hieren Souscamp geschéckt gouffen. Nom Check-in am Sekreteriat wou all Grupp hieren Package (Campbuch, Kaap, T-shirt, ID-Kaart) krut goung et direkt lass mam Opbau vun den Zelter an den Konstruktiounen. Déi éischt kleng Verletzungen bleiwen op esou engem Camp natiirlech och net aus, esou dass d'infirmerie schon e puer Hänn voll ze dinn hat.

Shortcuts

Arrivée
Säit 1

Opriichten vum Camp Campchef an Adjoint
Säit 2

Opriichten Souscampen Surprise
Säit 3

Souscamp-ekipp Sofolk Entrées Paart
Säit 4

Souscamp-ekipp E.P.O. Entrées Paart
Säit 5

Souscamp-ekipp KuNekka Entrées Paart
Säit 6

Pinnwand, Reporter vum Dag, Wuss der schon, News...
Säit 7

De Kapp am Rondel,Witz-Eck, Wieder, Rätsel, Sudoku,
Säit 8

MMX-trablat

N°1

Offiziell Campzeitung vum Nationalen AvEx Summercamp

21.-31. Juli 2010 zu Stengefort

Opriichten vum Camp

Wéi dir hei ob den Photoen gesitt gouf an deenen leschten Deeg schon vill um Camp vun Infrastruktur asw. opgeriicht. Den Big Top, d'Toiletten, d'Duschen, d'Hikezelt, d'Sekretariat, den P.R. an nach villes méi gouf opgebaut an ageriicht. Stroum, Waasser, Telefon an Internet gouf op déi néideg Plazen verluecht. All dëst fir dass mir 10 flott Deeg zesummen um Camp zu Stengefort verbréngen. Kuckt iech einfach d'Biller un fir en Androck vun deenen leschten Deeg virum Camp ze kréien. An dësem Sënn och e decken Merci un d'Staff Läit an all aner Leit déi am Virfeld gehollef hunn fr dass dësen Camp e Succès gëtt

Campchef an Adjoint

Romain

Kanns du dech mol kuerz virstellen?
Oh freck. Ech hunn 29 Joer an hunn ee Bouf vun 11 Méint. Ech si säit ech 16 Joer al sinn Avex-Chef zu Leideleng. Verschiddener wäerte mech lo haassen, mä ech sinn Mathésproff.

Wat mécht dech zum perfekten Campchef?
Sinn ech dat dann?

Op wat frees de dech am meeschten?
Op dee Moment wou endlech Liewen an de Camp kënnt an honnerte vun motivéierten Avex hiert Lager opriichten.

Luss

Kanns du dech mol kuerz virstellen?
Majo, ech sinn den Avex-Commissaire an dëst Joer de Campchef-Adjoint vum Adventum MMX a probéieren dem Romain eng Hand mat unzepaken. Zu menger Persoun: ech hunn 31 Joer si bestued, hunn 2 Bouwen a wunnen zu Schous.

Wat mécht dech zum perfekten Campchef-Adjoint?
Meng Erfahrung aus deene läschte Campen: Discovery 1998 Souscampstaff; Jambalaya 2002 Infrastrukturchef; Tupelay 2006 Campchef. Mengen dat misst duergoen, fir dem perfekte Campchef zur Säit ze stoen.

Op wat frees de dech am meeschten?
Op alles, virun allem dass et endlech lass geet an dass mer 10 super Deeg erliewen ouni dass engem eppes geschitt.

MMX-trablat

N°1

Offiziell Campzeitung vum Nationalen AvEx Summercamp

21.-31. Juli 2010 zu Stengefort

Opriichten Souscampen

Nodeems d'AvEx an hier Chef um Camp ukoumen hunn si hir Zelter an Konstruktiounen opgeriicht. Am Woodstock gouf et dat noutwennegt Material fir d'Konstruktiounen opzeriichten. Si haten nawell « Chance » mam Wieder well d'Zelter waren opgeriicht wéi den éischten Reen vum Himmel erof koum.

Surprise

Laang hunn mer gewaart op déi Surprise, vun deeër schon jiddereen geschwat huet. Mat 20 Minutten Verspéidung huet een dunn awer blénkeg Rüstungen um Horizont vum Kunekka Souscamp gesinn. Impressionant huet et schon gewierkt, wei déi Wikinger an Ritter den Wee vun der Entréespaart bis erof op d'Souscampplaatz komm sinn. Spektakulär Zweekämpf hunn eis dunn erwaart, tëschent deenen eenzelnen Stämm an dono och souguer tëschent Ritter, Wikinger an Scouten. Déi ganz couragéiert waren d'Cindy an den Dani vun Esch Grenz an den Fränk vun Sandweiler. Si hunn sech ouni ze zecken deenen Ritter an Wikiger an den Wee gestallt, an sech guer net esou schlecht geschloen, Bravo! (och wann et bei deem engen oder aneren nach däerft am Kapp schellen , well en der puer gudder op d'Bomm kritt huet). Dono sinn eis Krieger weider gezunn fir och op deenen aneren Souscamps ze kucken, ween Courage genuch hätt sech hinnen ze stellen.

MMX-trablat

N°1

Offiziell Campzeitung vum Nationalen AvEx Summercamp

21.-31. Juli 2010 zu Stengefort

Souscamp-Ekipp Søfolk

Wat erwaarts du dir vun den nächsten 10 Deeg?
Vill, alles gëtt mega cool.

Wat war bis elo däi flottst Erliefnis?
Dat flottst war wéi d'Truppen ukomm sinn. Mä et mécht och Spaass fir einfach mat de Leit ze schnëssen, zemools well nëmmen relax Truppen bei eis um Souscamp sinn.

Wat war bis elo däi schlëmmst Erliefnis?
Bis elo hat ech nach kee schlëmmt Erliefnis, et ass just e bësse blöd, dass ech gëscht alleng am Souscampstaff war.

Mat wat kann een dech bestiechen?
Mat Schokla a mat Kichelcher.

Nach eng kleng Anekdot zum Schluss?
Eng Trupp huet scho gemengt si missten hire Bulli am Lavabo vun der Wäschplaz maachen.

Entrées Paart

MMX-trablat

N°1

Offiziell Campzeitung vum Nationalen AvEx Summercamp

21.-31. Juli 2010 zu Stengefort

Souscamp-Ekipp E.P.O.

Wat erwaart dir iech vun den nächsten 10 Deeg?
Mir hoffen, dass et ee flotte Camp gëtt, mat ville flotte Momenter, gudder Stëmmung an ouni Tëschefäll.

Wat war bis elo äert flottst Erliefnis?
Dat war wéi eis Entréespaart fäerdeg opgeriicht war. Mä et ass och ee flott Erliefnes fir einfach hei dobäi kënnen ze sinn.

Wat war bis elo äert schlëmmst Erliefnis?
Déi wahnsinneg Hëtzt.

Mat wat kann een iech bestiechen?
Matt näischt, mir sinn net bestiechlech.

Nach eng kleng Anekdot zum Schluss?
Et ass nach net vill geschitt, dofir kënne mer nach keng verzielen. Mä soubal eppes geschitt, komme mer iech et zielen.

Entrées Paart

MMX-trablat N°1
Offiziell Campzeitung vum Nationalen AvEx Summercamp 21.-31. Juli 2010 zu Stengefort

Souscamp-Ekipp KuNekka

Wat erwaart dir iech vun den nächsten 10 Deeg?
Rou! ;-)
Nee, am Eescht: eng flott Stëmmung um Souscamp, dass d'AvEx topscoutismus Frëndschaften schléissen an natierlech, dass mer de Kanner e bëssen eppes iwwert d'Maueren kënne bäibréngen.

Wat war bis elo äert flottst Erliefnis?
Dat flottst war dass mer mat Zäiten alles virbereet kritt hunn an dass d'Organisatioun gëscht de Moien während der Arrivée esou gutt geklappt huet.

Wat war bis elo äert schlëmmst Erliefnis?
De Staff huet d'Saachen net gespullt gehat.

Mat wat kann een iech bestiechen?
Also mat Schokla kann een eis net bestiechen, mä mat engem Uebstkuch si mer schon ze beaflossen.

Nach eng kleng Anekdot zum Schluss?
Haaptsaach EEN Zelt opriichten!

Entrées Paart

MMX-trablat

N°1

Offiziell Campzeitung vum Nationalen AvEx Summercamp

21.-31. Juli 2010 zu Stengefort

Wuss der schon

- Di duerchschnëttlech Reendrëps erreecht eng Vitesse vun 15 km/Stonn
- Dass d'Wahrscheinlechkeet vun engem Flieger deen erooffällt getraff ze ginn bei 1 zu 25 Milliounen leit. An d'Wahrscheinlechkeet, dass dat der grad haut geschitt leit bei 1 zu 7 Trillionen. Mir denken deen Risiko kann een agoen!

De Reporter vum Dag,

Bass du interesséiert en Artikel an d'MMX-trablat ze schreiwen an domat eisen Reporter vum Dag ze ginn?

Villäicht wëlls du jo och däin Reporterbagde man?

Dann mell dech bis spéitstens 17.00 Auer bei äis am Pr-Container fir d'Zeitung vum nächsten Dag.

Den éischten ass fir!

Pinnwand

Den Werner aus dem Friddenszelt sicht nach Leit fir Sonndes an der Mass ze hëllefen. Wann's de also en Gesangstalent bass (oder sangen der einfach nëmmen Spaass mécht), oder wann's de en Instrument spillen kanns, da komm en Samschdeg um 18.00 Auer bei den Big Top, wou dann eng kleng Prouf gemaach gëtt.

Op eiser Pinnwand kennt dir en kuerzen Message eraginn, deen dir entweder enger anerer Trupp oder awer enger eenzelner Persoun wëllt loossen.

Dir kennt eis dës Matdeelung bis spéitstens 17.00 Auer am Pr-Container ofginn.

Mir sichen dann déi originellst Noriichten eraus, an déi kommen dann an d'Zeitung.

De Medicus réit:

Beim Opriichten vun Zelter, Konstruktiounen, asw. ginn et op d'mannst 100 verschidden Méiglechkeeten fir sech wéi ze doen.

Fir e Besuch am Hospiz ze vermeiden ginn et e puer ganz einfach Regelen déi's du kanns anhalen fir de Risiko vun enger Verletzung sou kleng wéi méiglech ze haalen:

- Wanns du Schaffhändschen dobäi hues, dann do déi ëmmer un wann deng Fanger a Gefor sinn, z.B. beim Piqueten aklappen, bei der Aarbecht mat Seen oder Beil an och beim Feier maachen.
- Mat festen Schong sinn deng Féiss besser geschützt wéi mat Sandalen oder Flip-Flops. Dofir: beim schaffen Biergschong undoen, fir an d'Dusch d'Flip Flops, an net ëmgedréit.
- Pass op wou´s hintrëppels ! Op engem Camp leien oft Piqueten a spatzt Schaffmaterial um Buedem. An looss och keng geféierlech Saachen leien, wou herno een aaneren oder du selwer kéinns drantrëppelenn.

News

- An der Nuecht op e Mëttwoch hu schwedesch Footballfans an der Stad randaléiert. 12 vun hinne goufe verhaft. 5 Polizisten goufe blesséiert.
- Iran: Bei engem Äerdbiewe vun 5,8 Punkten op der Richterskala sinn an der Nuecht op e Mëttwoch am Süde vum Land op d'mannst 19 Persoune blesséiert ginn.
- Géint den italienesche Coureur Alessandro Petacchi, deen dëst Joer schonn 2 Etappen am Tour de France gewonnen huet, gëtt wéinst Doping enquêtéiert.
- An der 2. Ronn vun der Champions League-Qualifikatioun spillt d'Jeunesse Esch 0-0 géint AIK Solna. Domadder ass AIK nom 1-0 vum Himatch weider.

Historik / Gebuertsdag

Waat waar lass den 22 Juli ?

1933: Den Wiley Post lant no der éischter Weltemronnung (alleng) erem gutt zu New York.

Hien war 7 Deeg, 8 Stonnen an 49 Minutten ënnerwee, an huet 11 Tëschelandungen gemat.

1894: Daat éischt Rennen am Automobilsport gëtt teschtend Paräis an Rouen ausgedroen. Den Gewënner, den Albert Dion, gëtt disqualifizéiert (*sou en Pech awer*).

2010: De Brandon Steffan vun Duelem an d' Jasmine Poncin vun Maarnech hunn Gebuertsdag.

MMX-trablat

N°1

Offiziell Campzeitung vum Nationalen AvEx Summercamp — 21.-31. Juli 2010 zu Stengefort

De Kapp am Rondel

Mir sichen nom Kapp am Rondel…

Ween ass dat leien ?
Kenns du deen ?
Bass du et villäicht selwer ?

Da komm bei eis an dem PR Container laanscht ….. Et gëtt eng kleng Iwwerraschung… ;-)

d'PR Ekipp

Wieder Previsioun vun haut

D'Wiederhex mengt:
Haut deet mäin Hexeschoss extra wéi. Dat heescht de ganzen Dag ass mat Schaueren ze rechnen. D'Temperaturen ginn net iwwert 20 Grad eraus. D'Nuecht gëtt kill, mä dréchen mat héchstens 12 Grad.

Rätsel



Wou kënnt dëst Lach hier ?

Sudoku

Einfach

9			6	5	1			8
					3	6		
	6	4	9			7		
5	4		3		2	1		6
2								4
6		1	8		7		9	2
		3			9	8	6	
		2	5					
1			7	8	4			3

Mëttel

	4	3				6		
			6	9				5
8					4			7
		6	7		2		9	
	2			3			5	
	1		8		6	2		
1			9					4
5				7	1			
		2				7	8	

Witz-Eck

Kënnt e Mann an eng Bibliothéik a freet : "Entschëllegt, mee kënnt Dir mir soe wou ech dat Buch "Der Mann ist Herr im Haus" fannen ?" Bibliothekarin : "Märercher fand Der um zweete Stack."



Zwee Déierendokteren operéire stonnelaang un engem Elefant. No der Operatioun kuckt sech deen een Dokter ëm a seet : "Also Instrumenter hu mer dës Kéier keng am Bauch vum Elefant vergiess, mee wou as d'Infirmière ?"